

## **Evangelium vum 24. Sonndeg am Joreskrees (Joer A)**

### **Mt 18,21-35**

<sup>21</sup> De Péitrus ass bei de Jesus getratt a sot zu him:  
"Här, wéi dacks muss ech mengem Brudder verzeien,  
wann hie géint mech sënnegt?  
Bis zu siwemol?"

<sup>22</sup> De Jesus sot zu him:  
"Net bis zu siwemol, soen ech dir,  
ma bis zu 77-mol.

<sup>23</sup> Dowéinst ass d'Himmelräich ze vergläiche mat engem Kinnek,  
deen d'Ofrechnung mat senge Kniecht maache wollt.

<sup>24</sup> Wéi hien ugefaang hat mat Ofrechnen,  
ass ee bei hie bruecht ginn,  
deen him 10.000 Talenter<sup>i</sup> schölleg war.

<sup>25</sup> Well dee Kniecht déi net zréckbezuele konnt,  
huet den Här den Uerder ginn,  
hien, seng Fra, seng Kanner an alles, wat hien hat, ze verkafen,  
fir datt d'Suen zréckbezuelt gi kéinten.

<sup>26</sup> Dunn ass de Kniecht virun him niddergefall  
an huet gesot: 'Hief Gedold mat mir,  
ech bezuelen dir alles zréck!'

<sup>27</sup> Well et dem Här am Häerz wéigedoen huet,  
huet hien de Mann goe gelooss  
an him seng Schold nogelooss.

<sup>28</sup> Wéi de Kniecht dunn erausgaang ass,  
ass hien engem vun senge Matkniecht begéint,  
deen him 100 Sélwerménze schölleg war.  
Hien huet dëse Matkniecht mam Hals geholl,  
esou datt hien hie bal erwiergt huet,  
a sot: 'Bezuel mir dat zréck, wat s du mir schölleg bass!'

<sup>29</sup> De Matkniecht ass niddergefall

an huet gebiedelt: 'Hief Gedold mat mir,  
ech bezuelen dir et zréck!'

<sup>30</sup> De Kniecht awer wollt net;  
hien ass villméri higaang an huet deen aneren an de Prisong gehäit,  
bis deen seng Schold zréckbezuelt hätt.

<sup>31</sup> Wéi elo seng Matkniecht gesinn hunn, wat geschitt war,  
goufen si ganz verdrésserlech,  
an si sinn hirem Här alles erziele gaang.

<sup>32</sup> Dueropshin huet den Här de Kniecht ruffe gelooss  
a sot: 'Du wéischte Kniecht!  
Deng ganz Schold hunn ech dir nogelooss,  
well s du dorëm gebiedelt hues.

<sup>33</sup> Häss du duerfir net och misse mat dengem Matkniecht baarmhäerzeg sinn,  
esou wéi ech mat dir baarmhäerzeg war?'

<sup>34</sup> A voller Roserei huet den Här hien de Folterkniecht ausgeliwwert,  
bis hien alles, wat hie schélleg war, zréckbezuelt hätt.

<sup>35</sup> Esou mécht och mäi Papp am Himmel et mat iech,  
wann dir net een deem anere vun Häerze verzeit."

---

<sup>i</sup> 1 Talent = 6.000 Drachmen = 6.000 Denaren = 6.000 Sélwermënzen; 1 Sélwermënz war deemools den normalen Dagesloun vun engem Aarbechter.